

Wirtschaftskrise konkret

Dass die Wirtschaftskrise nunmehr auch die luxbg. Arbeiterschaft betroffen hat, sollte nach den Ereignissen auf MNR-A in den Sommermonaten nicht mehr unbekannt sein, auch wenn dort z.B. bestimmte Kreise versuchten, die ganze Last auf die belgische Arbeiterschaft zu drücken. Der folgende Beitrag - die Intervention von Herrn Guy Marx auf der Synodalversammlung vom 18.6.1977 - gibt einen sehr konkreten Einblick in die Lage bei der ARBED.

(...)"Den Här Thomé huet gesot, datt an déser Zäit, wou mir lo dra sin, sou vill Ustrengunge géife gemeet gin, fir d'Humaniséirung op der Aarbechtsplaz. Ech weess nüt wou en dorop kënnt, wou en dat gelies huet, mä ech kann eng aner Sprooch schwetzen, an zwar déi aus dem Betrieb: Mir sin am gaang zréckzegon, wat d'Humanisierung ubelaangt. Mir sin am gaang enger Zäit entgéintzegon, wou den Aarbechter nach méi degradéiert gët wéi en a fréieren Zäite war. Mer sin sou wäit, datt wann e Mann muss op d'Toilette gon, datt en séng Hänn nüt dierf wäschen, datt en dann eng Bemiirkung gemeet kritt (...). Dir hutt allguerten héiren, datt d'ARBED den Antikrisestab ageféiert huet an do Leit ernannt huet, déi sollen dervir suergen fir d'Aarbechtsplaz méi rationell anzedeelen, fir de Gestehungspräis erafzedrécken. Mee datt do e Gespenst émgeet an de Betrieber, wat d'Leit sou veronséchert, datt kee méi sou king as fir nach iirgendwéi eng Bemiirkung ze maachen, datt kee méi sou king as fir nach iirgendwéi eng Reklamatioun unzebréngen, dorop wéll ech opmierksam maachen. Mir sin am gaang d'Leit erëm richteg zu Sklaven erafzewierdegen. Mir wëssen, datt eng Krisis as , mä wann dat d'Léisung as fir d'ARBED ze retten, ech mengen da si mer um falsche Wee a mer hun am beschten direkt anzepaken.


Den Här Thomé huet och geschwat vun engem neie Führungsstil, wat Viirgesetzten mat den Aarbechter ubelaangt. Ech kann deem nüt zoupflichten, datt do en neie Führungs-

stil am gudde Senn soll fir de Moment propagéiert gin. Ech géif soen et wir jhust de Contraire. Et muss alles aus dem Aarbechter erausgequetscht gin, wat fir de Moment dran as. An ech gesin doran e groussen Nodeel fir d'Aarbechterklass an ech géif soen, datt nöt méi laang Zäit vergeet, ouni datt iirgendeppes do, wiirklech eppes Schlëmmes kënnt mol passéieren.

Mee dee Mann deen do dat Gespenst spillt, deen huet dee Risiko op sech geholl an deen huet sech geäussert, datt heen dee Risiko géif op sech huelen. En as esougar bereet, iirgendwéi engem an d'Fauscht ze lafen, mee hie spillt sech op wéi wann hien d'Rettung vun der ARBED wir, a wéi wann hien alles géif drusetzen fir d'ARBED aus dem Schlamassel ze féieren.

Et kënnt weider op eis dur e Bewertungssystem, wat 1978 soll agefouert gin, wou d'Aarbechter all solle bewert gin. Dat as e Schwäizer System, dat d'ARBED am gaang as z'iwerhuelen a wou dann all Aarbechter klasséiert gët: säi Verhältnis zu der Aarbecht, säi Verhältnis zu de Viirgesetzten, säi Verhältnis zu der Onfallversécherung zur Onfallverhiddung. Et mag vläicht eppes Gudds un deem System sin, mee wat maache

mer matt deene Leit, déi méi schlecht dru sin, déi nöt d' Gewähr bidden an èmmer sou héich do stin, datt se eng gutt Kotéirung kréien. D'Gewerkschaften hu bis elo nach keng Position dozou bezun. D'Meeschter gin awer schon ausgebild fir dat Bewertungssystem anzeféieren, well d'Meeschter matt den Ingenieuren maachen d'Bewertung vun deenen eenzelne Leit an do kann een sech froen: wee bewert dann d'Meeschteren a wee bewert d'Ingenieuren? Dofir, dir Dammen an dir Hären, dat as d'Situatioun wéi se fir de Moment as. (...) Ech soen Iech Merci."



(Dessin de KONKJ)

L'AUTRICHE, UN PAYS QUI A RESOLU SON PROBLEME DE CHOMAGE :

On n'entend pas souvent parler de l'Autriche. Apparemment, tout y va très bien. Ce pays idyllique est gouverné par le parti socialiste autrichien. Ce gouvernement est fier d'avoir seulement 2% de chômeurs (contre 5% en France, 4,6% en Allemagne, 12% au Portugal,...).

Regardons de plus près cette belle performance: Si un immigré est licencié en Autriche, il perd automatiquement son permis de travail et son permis de séjour. Les immigrés (yougoslaves et turcs) n'ont aucun droit à des allocations de chômage. Plus de 80 000 immigrés ont déjà quitté le pays.

Voilà une autre face de cette république humaine et social-démocrate!

Seko

L'URUGUAY DÉTIEN LA PLUS FORTE PROPORTION DE PRISONNIERS POLITIQUES

Genève (A.P.). — « C'est l'Uruguay qui détient actuellement la plus forte proportion de prisonniers dans le monde », a déclaré jeudi 18 août M. Ben Whitaker, représentant de la Grande-Bretagne à la sous-commission des Nations unies pour la prévention des discriminations et la protection des minorités. Selon ce dernier, un Uruguayen sur six cents est actuellement prisonnier politique, et, sur une population de quelque trois millions d'habitants, plus de quatre cent mille personnes se sont exilées depuis 1973.

L'Argentine compte pour sa part un prisonnier politique sur mille deux cents personnes; Cuba

un pour treize cents et le Chili un pour deux mille. Depuis la prise du pouvoir par les militaires en Uruguay, en 1973, au moins vingt-deux cas de tortures ayant entraîné la mort ont été établis avec certitude. D'autre part, il n'est pas rare qu'une personne soit emprisonnée pendant dix ans parce qu'on considère qu'elle « des «opinions inacceptables».

M. Whitaker a précisé qu'il existe des preuves d'exécutions et de tortures pratiquées par les forces de police en Uruguay, au Chili, en Argentine et au Paraguay. Il a ajouté qu'il déplorait personnellement les pratiques de torture « légère » et les « rensei-

gnements obtenus par la force » en Irlande du Nord. Des « inspecteurs venant de l'extérieur », peut-être de la Croix-Rouge internationale, pourraient être mis à contribution, selon lui, pour faire cesser ces pratiques en Afrique du Sud, en Uruguay, en Ouganda, au Chili, au Paraguay, au Brésil, en Argentine et au Proche-Orient. Il a également exprimé le souhait que les Nations unies enquêtent sur des violations probables des droits de l'homme à l'est de Timor au Sahara occidental, mais également en Europe, notamment en Tchécoslovaquie.

in: Le Monde, 21-22/8/1977